ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 27/07/2023

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

02/2023 – 25.04.2023

Presenzen

Present	Net present
KOEDINGER Robert	MATHEKOWITSCH Claude (excusé)
RUEF Seth	WELTER Isabelle (excusée)
RUEF-VOGT Liselotte	
SCHARLÉ Corinne	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du Jour

1. Approbatioun vum Rapport 01/2023
2. Ausfluch Kinoler
3. Ausfluch Marie-Astrid
4. Divers
5. Nächst Versammlung

Punkt 1 : Approbatioun vum Rapport 01/2023

- Approbatioun vum Rapport 01/2023 --> OK fir offiziell op de Site vun der Gemeng ze veröffentlechen

Punkt 2 : Ausfluch “Kinoler”

Betreffend den Ausfluch fir an den Kinoler op Kohler gouf Folgendes festgehalen:

- Datum: Freides, den 26.05.2023 ass reservéiert
- Auerzäit: 15h00

Helperknapp, 27/07/2023

- Propose Film: Mein Name ist Otto
- Bus: Horaire vum Bus bléift wéi d'lëscht Joer festgeluecht

Et kënnt elo een néien Film vum Andy Bausch – *„Little Duke"* – eraus, deen een villäicht dann am Hierscht nach kucke kéint goen…

Punkt 3 : Ausfluch "Marie-Astrid"

Betreffend dem Ausfluch mat der "Marie-Astrid" ass Folgendes festgehale ginn:

- Datum: 25.08.2023 ass schonns reservéiert

Punkt 3 : Divers

- Corinne & Diane hunn ee Problem domat wéi Decisiounen an der Kommissioun geholl ginn:
  - Mir hunn d'Impressioun dat vill Entscheedungen schonns am Virfeld getraff ginn an d'Kommissioun just pro forma informéiert gëtt
  - Mir froen ons firwat mir eng Versammlung aberuffen, wann Decisiounen schonns getraff sinn
  - Et gouf gemeinsam dézidéiert d'Proposen zesummen ze diskutéieren
- Propose 1: ***Kiermes wéi fréier***
  - 1 mol am Joer, ofwieselnd all Joer an engem aneren Duerf vun der Gemeng, fir d'Kiermes, Kiermesham mat Korinthekuch a Kaffi ubidden
  - Mam Stefan aus der Jugendherberg froen op hien dat kéint organiséieren
  - Lëtzebuerger Musek am Hannergrond mat lafe loosen
  - Agelueden géife just déi Léit
  - 2023 kéint een zu Téinten ufänken: 24.09.2023 (Téintener Kiermes)
- Propose 2: ***Hochbeeter***
  - Et misst een een Terrain hunn wou een d'Hochbeeter opstelle géif. Am léifsten a puer Dierfer aus der Gemeng
    - ➔ Just an déi grouss Dierfer aus der Gemeng oder an all Duerf?
    - ➔ Bei der Gemeng an um Schoulsite *„An der Koll"*?
    - ➔ Zu Huelmes am *„Schlassgaart"*?
    - ➔ Zu Bëschdrëf am Parc?

Helperknapp, 27/07/2023

- ➔ Zu Béiwen *„am Lëtschert“* beim Sall vun der *Amiperas* an/oder bei der aler Gemeng zu Béiwen
- Ween géif sech ëmmt di Hochbeeter këmmeren? Et missten op mannst 3 Léit/Duerf sinn, déi Responsabel sinn:
  - ➔ *Amiperas*
  - ➔ Kanner aus der Maison Relais
  - ➔ *Gaart an Heem* vu Bruch
  - ➔ *Syndicats d'initiative aus der Gemeng*
  - ➔ *Natur an Ëmwelt* vun Téinten
  - ➔ Gemengenaarbechter géife mat nëtzen, wann si am Summer d'Blummen nëtzen

Een Appell am Buet maachen, op iwwerhaapt Interessi bei de Léit wier. Jee no Resonanz proposéiert 2. Alter-Kommissioun eng Versammlung mat den Interessenten, der *„Amiperas“*, *„Gaart an Heem“*, *„Natur an Ëmwelt“* & dem *„Syndicat d'initiative“* vun der Gemeng an eventuell engem Responsabelen vun der Maison Relais.

Artikel fir an deen nächste Buet:

„D'3.Alter-Kommissioun sicht no interesséiert Léit di sech géifen ëmmt Hochbeeter an der Gemeng këmmeren an déi fleegen. D'Iddie wier dat Kraider dran ugeplanzt géife ginn, déi der Allgemengheet zur Verfügung géife stoen.

Bei Interessi, mell Iech bis …… bei der Gemeng Helperknapp.“

D'Léit solle sech bis spéitstens 14 Deeg no der Sortie vum Buet mellen.

- Wéi geet et nom 11 Juni weider? Bléift Kommissioun esou bestoe wéi elo oder gëtt eng néi Kommissioun vun deene néi Gewielten aberuff? Affaire à suivre…

Punkt 4: nächst Versammlung

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 02/2023
  - Feedback vun onse Proposen
  - Propose *Kiermes wéi fréier*

Helperknapp, 27/07/2023

  - Propose *Hochbeeter*
  - Divers
- Mir treffen ons **Freides, den 30. Juni 2023 um 19h00 an der Bricherstuff.**